LU

# GEMENGEROT
# VUM 22. DEZEMBER 2023

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), d'Schäffen Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseilleren, Cheryl Binck-Geschwind (CSV) Bonifas Larry (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Max Molitor (LSAP) a Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)

**Entschëllegt:** Patrick Krecké (DP), Conseiller

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour, mat Ausnam vun de Punkte 3.1., 6.1., 6.2., goufen eestëmmeg ugeholl.

## ËFFENTLECH SITZUNG

## KOMMUNIKATIOUNEN

### *1. Nottärsakten*

#### *1.1. Nottärsakt fir de Kaf vu Parzellen zu Keespelt an der „rue Durenthal"*

De Gemengerot approuvéiert den Nottärsakt, deen de 08 Dezember 2023 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an de Konsorten Peller bezüglech dem Kaf duerch d'Gemeng Kielen vun de Parzellen n°484/3577, Strooss, mat enger Fläch vun 0,05 Ar an n°484/2748, Strooss, mat enger Fläch vun 1,12 Ar, béid situéiert an der „rue Durenthal" zu Keespelt, Sektioun E vu Keespelt a Meespelt fir e Montant vun 1.000€ den Ar, an deemno zum Präis vun 1.170€, ënnerschriwwe gouf. Dës Vente erfollegt fir den ëffentlechen Interessi, spriech d'Parzellen gi kaf fird'Emprisen ze regulariséieren, nodeems d'„rue de Durenthal" zu Keespelt erneiert gouf.

#### *1.2. Nottärsakt fir de Kaf vun enger Parzell zu Keespelt an der „rue de Durenthal"*

De Gemengerot approuvéiert den Nottärsakt deen de 08 Dezember 2023 tëschent dem Här Marc Jean-Pierre Peller an dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen bezüglech dem Kaf duerch d'Gemeng Kielen vun der Parzell n°442/2747, Strooss, mat enger Fläch vun 0,02 Ar, situéiert an der „rue Durenthal" zu Keespelt, Sektioun E vu Keespelt a Meespelt fir e Montant vun 1000€ den Ar, an deemno zum Präis vun 20€ ënnerschriwwe gouf. Dës Vente erfollegt fir den ëffentlechen Interessi, spriech d'Parzell gëtt kaf fir d'Emprisen ze regulariséieren, nodeems d'„rue de Durenthal" zu Keespelt erneiert gouf.

### *2. Lotissementer*

#### *2.1. Lotissement vun engem Terrain op 23, „rue Charles de Gaulle" zu Ollem*

De Projet vum Lotissement gouf de 26 September 2023 vum Berodungsingenieur vum Büro BEST G.O. S. à r.l. vum Sennengerbierg fir Societéit CREAHAUS Invest S.à r.l. vu Stroossen entworf. Dëse Projet gesäit vir d'Parzell n°720/2212, Plaz, mat enger Fläch vun 10,59 Ar, situéiert an der „rue Charles de Gaulle", Sektioun B vun Ollem, an 3 Lousen ze deele fir kënnen ee fräistehend Eefamilljenhaus an zwee jumeléiert Haiser fir zwou Familljen ze bauen. De Gemengerot approuvéiert dëse Projet.

#### *2.2. Lotissement vun engem Terrain an der „rue Durenthal" zu Keespelt*

De 07 Oktober 2023, huet d'Madamm Valentine Muller-Marcy eng Ufro fir eng Geneemegung bezüglech dem Lotissement vun der Parzell n°492/3261, situéiert an der Sektioun E de Keespelt a Meespelt, mat enger Fläch vu 74,97 Ar agereecht. Dëse Projet gesäit vir d'Parzell n°492/3261, Land, Uert „Binnerchesfeld" ze deelen fir kënnen eng Fläch laanscht „rue de Durenthal" ofzegrenzen. De Gemengerot approuvéiert dëse Projet.

### *3. D'Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen*

#### *3.1. Ernennung vun de Memberen*

D'Gesetz vum 23 August 2023 bezüglech dem interkulturellen Zesummeliewen gesäit vir dass eng Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen an d'Liewe geruff gëtt fir dass all Persoun déi um Territoire vun der Gemeng wunnt oder schafft hier Kandidatur stelle kann, an dass mam a Kraaft triede vum neie Gesetz den 01 Januar 2024 d'Integratiounskommissiounen ofgeschaaft ginn. Fir Zesummesetze vun de Kommissiounen, gi jeeweils 3 Memberen vun der CSV, 2 Membere vun der LSAP, 1 Member vun „déi gréng" an e Member vun der DP sou wéi 6 neutral Memberen ernannt. No engem Opruff am Buet hunn insgesamt 10 Awunner ouni politesche Interessien hier Kandidatur agereecht fir kënne Member vun der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen ze ginn. Unhand vun engem geheime Vott stëmmt de Gemengerot déi 13 Membere fir dës Kommissioun déi sech deemno follgendermoossen zesummesetzt:

| N° | Nom & Prénom | |
|---|---|---|
| 1 | KOCH Natacha | CSV |
| 2 | DOS SANTOS PEREIRA MACIEL Paula | CSV |
| 3 | AZEVEDO PIRES Sylvie | CSV |
| 4 | MOLITOR Max | LSAP |
| 5 | BLEI Joël | LSAP |
| 6 | REGNO Massimo | DP |
| 7 | ÇIÇEK Özgür | déi gréng |
| 8 | IGUERB Ourida | neutre |
| 9 | BENNETT Neil | neutre |
| 10 | LANNERS Marc | neutre |
| 11 | WALCH Emile | neutre |
| 12 | LUSANGA Joseph | neutre |
| 13 | SCHAACK-FELTEN Martine | neutre |

#### *3.2. D'Bestëmmung vun engem Präsident an engem Sekretär*

Unhand vun engem geheime Vott bestëmmt de Gemengerot e President an e Sekretär fir d'Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen. Aus dësem Vott geet ervir, dass d'Madamm Natacha Koch vun Nouspelt Präsidentin an d'Madamm Monia Thillmany-Konz vu Kielen Sekretärin vun dëser Kommissioun ginn.

### *4. Confirmatioun vun engem dréngende Verkéiersreglement vum Schäfferot*

1 dréngend Verkéiersreglement dat de Gemengerot stëmme soll gëtt presentéiert: Aarbechte fir d'Vergréisserung vum Parking an der „rue de Capellen" zu Ollem (CR103) ab dem Méindeg den 11 Dezember 2023 bis zum Ofschloss vun de Aarbechten.

### *5. Presentatioun vun der Schäfferotserklärung 2023-2029*

De Schäfferot huet seng Schäfferotserklärung 2023-2029 am Sekretariat ofginn. Dorops hin huet d'Sekretariat dës mat der Convocatioun fir dës Gemengerotssëtzung un d'Gemengeconseillere weidergereecht. De Buergermeeschter presentéiert dës Schäfferotserklärung an dëser Sëtzung.

### *6. Budget*

### *Diskussiounen*

Den Här Guy Kohnen (CSV) seet de Mataarbechter vum Service vu de Finanzen déi um Budget geschafft hunn Merci. Hien bemierkt dat d'Gemeng 6700 Awunner an een atypesche Wuesstum huet, deen op de Projet Elmen zréckzeféieren ass. De Budget 2025 gëtt vun dëser Situatioun gepräägt. D'Hausse vun de Präisser an Enkpäss vu Liwwerunge maachen eng Planungssécherheet schwiereg. Mir brauchen an eisem ordinäre Budget en Iwwerschoss deen eis erlaabt eis Scholde vun den Emprunten zréckzebezuelen. Am Rektifié vun 2025 ass een Iwwerschoss vu 5 Milliounen ze verzeechnen. Verschidde Sektiounen am Budget misste méi genau geplangt ginn. Eng besser Notzung vum Käschtendeckungsprinzip bei verschiddenen Servicer bréngt mei Recetten, hei gëtt d'Hausse vum Waasserpräis als Beispill genannt. D'Masse salariale geet 2024 net signifikant an d'Lucht. Mëttelfristeg komme Rekrutementer am Kader vum Projet Elmen op eis duer. D'Reflexioun fir verschidde Servicer vun Elmen un een externen Déngschtleeschter ze iwwerginn, z. B. de SEA an d'Maintenance vun de Gebaier erwäänt. Dobäi wier eng Käschtennotzungsrechnung opzestellen. Den Här Guy Kohnen (CSV) schwätzt eventuell Verhandlunge mat der Hausbank fir eng Ëmschëldung un. An der Informatik gëtt et ee Spuerpotential um Niveau vun de Logiciellen, Programmer an Appen well d'Gemeng Cotisatiounen un de SIGI bezilt. Déi héich Zomme bei de Schoul- a Betreiungsstrukturen si gutt investéiert. Bei den Investissementer an de Logement social, speziell de Budgetsartikel 612- de Kaf vum Haus Bonifas ass kee Subside méi agedroen. Beim neie Logementsminister kéint ee bezüglech de Subsiden nofroe wat mir zegutt hunn a wat net. D'Investitiounen a kleng Projete ginn zréckgesat an et solle just d'Projeten am Dokument vum Budget optauchen déi och entaméiert ginn. D'CSV wäert fir de rektifizéierte Budget 2023 a fir de Budget 2024 stëmmen.

Den Här Max Molitor (LSAP) bemierkt dat den Ukrainkrich en Impakt op d'Gemeng huet, an zwar d'Hausse vun annerhallwer Million Euro u Käschte fir Zënsen also eng Steigerung vun 3219%. Den Inneministère gëtt vir datt d'Prêten iwwert de variabelen Taux ze huele sinn an dat ass onvirsiichteg. De Schäfferot an de Finanzservice muss kënnen hier Finanze selwer plangen. D'Gemeng këmmert sech gutt ëm d'Kanner an hier Bildung. D'Personalkäschte ginn 21% erop. Dës ass opgrond vun der Inflatioun an dem Index. Mam Hibléck op Elmen soll een d'Personalkäschten am Ae behalen. D'Planung vun der Schwämm ass positiv a wichteg, och a punkto sozial Gerechtegkeet an et wier ze kucken ob et eng Schwämm just fir d'Schoul bleiwe soll, déi 20 Wochen am Joer zou ass. Et wier wichteg datt d'Kanner schwamme léieren. Zum abordabelen a sozialem Wunnraum ginn d'Infrastrukture vun der Gemeng bezuelt an d'Dotatioune vum Staat si just un d'Awunnerzuel ugepasst. Dat ass net richteg a misst zu Diskussiounen op engem aneren Niveau féieren. D'LSAP stëmmt de rektifizéierte Budget 2023 an de Budget 2024 mat.

D'Madame Maryse Frantzen (DP) informéiert datt d'DP mam Budget averstanen ass, mä si bemängelt de Waasserpräis, notamment datt d'Gemeng net nom Käschtendeckungsprinzip gefuer ass. Doduerch huet d'Gemeng pro Joer ëm déi 300.000,00€ bäigeluecht, déi een hätte kéinten aspueren an et wier besser fir d'Leit gewiescht wann d'Upassung iwwert déi lescht Jore gestreckt gi wier. Bei de Personalkäschte froen si sech ob en Outsourcing vu verschiddenen Gemengeservicer géif Sënn maachen. Bei der neier Maison relais soll ee Kontrakt mat engem externe Prestataire gemaach ginn. Déi aner Gemengen aus eiser Ëmgéigend maachen dat och (Beispill: Koplescht, Mamer, Helperknapp). Um Niveau vun de Bauprojeten si verschidden Devisen net agehale ginn, ënner anerem den neie Regiebetrib an déi nei Buvette mat Annexen a Vestiairen. An der Zukunft soll et net méi zu sou groussen Ofwäichunge kommen. Den Domaine Hueseknäppchen kascht och vill a verschidde Saache waren net néideg ëmzesetzen. Beim Sportkomplex zu Elmen ass et néideg eng Nopeschgemeng mat an d'Boot ze huelen. Doduerch kann ee méi Subside vum Staat kréien an d'Käschte vun der lafender Astandhalung deelen. D'Gemeng muss vigilant mat hiren Ausgabe sinn, zumools beim Kaf vun Terrainen. Et musse Prioritéite gesat gi wéi eng Projete wichteg sinn a wat nach e puer Joer waarde kann. Soss dréit en Däiwelskrees a Punkto Verscholdung.

Den Här Larry Bonifas (déi gréng) vergläicht de Rektifié mam Initial an den Ordinären. D'Depense si 5 Millioune méi héich wéi dat Joer virdrun. Beim Budget 2024 fält op datt iwwer 70% vun de Recetten Finanzsprëtze vum Staat sinn, dobäi kommen d'Contributioune vun der Maison relais, dann si mir bei 83% vun all de Recetten. Déi ordinär Depensë wuessen exponentiell. Prozentual gëtt et keng Augmentatioun vun den ordinären Depense mä duerch alles wat zu Elmen opsteet wäerten déi och an d'Luucht goen. Op extern Prestatairen zréckzegräife bréngt mat sech datt d'Salairen net an d'Luucht gi mä doduerch ginn d'Käschten ob enger anerer Plaz an d'Luucht. D'Digitaliséierung vum Buet ass eng ganz gutt Iddi, ënner anerem och deene Leit just d'Pabeierversioun ze ginn déi dat explizit froen. Zur Käschtendeckung vum Waasserpräis ass ze bemierken datt et huet misste sinn. D'Gemeng ass an der Pflicht fir d'Leit zu de Grënn ze informéieren an hinne Consignen zum Spuere vum Waasser mat op de Wee ze ginn. Den Emprunt vu 24,5 Millioune muss gemaach ginn, als Beispill: Elmen an alles wat ronderëm ass; de Site zu Kielen. D'Subventioune vum Staat sinn zweckgebonnen, d'Subside vun der Schoul komme réischt no engem definitiven Decompte an et gëtt gehofft datt déi och kommen. Vläicht misst d'Gemeng verschidde Projete méi spéit ufänken an déi Projeten déi solle komme sollen sou séier wéi méigech ofgeschloss ginn. D'Kläranlag vum SIDERO gëtt begréisst an de Café Lippert soll endlech ugefaange ginn. Zum Domaine Hueseknäppchen wier et gutt ze wësse wéi laang dat et nach dauert. Beim Ausbau vum Regiebetrib stinn nach 2 Milliounen am Budget mä d'Gebai sollt dach fäerdeg sinn. D'Leit wëlle wësse wéi et zu Elmen viru geet, zumools a punkto Schoul. Fir Rentrée September 2025 soll d'Schoul fäerdeg sinn an dat war ee gudden Invest. De Budget 2024 ass eng Weiderféierung vum Budget 2023 en et gëtt kee Grond dogéint ze stëmme mä hee wäert sech beim Vote enthalen.

Den Här Guy Breden (CSV) mierkt un dat d'Depensë beim Marketing an der Publicitéit all Joer erop ginn obschonn d'Gemeng ee Service vun der Kommunikatioun huet. Et misst gekuckt ginn ob een dee Budget muss ganz gebrauchen an ob net villes intern ka gemaach ginn. Et ass begréissenswäert de Buet elektronesch ze maache well eng Editioun 11.000,00€ kascht. Do wier en extreme Spuerpotential Och gëtt et Spuerpotential an der Informatik. Vill Gemenge kafe Programmer déi de SIGI schonn huet. De K-Bus ass mat 125.000,00€ och en héische Käschtepunkt an Dondel muss besser ugebonne ginn. Subside fir Fotovoltaikanlage sinn erop gaangen an d'Energie- an Ëmweltkommissioun wäert och Propose maache fir Energiespuermesure. De Schlëssel fir Subside vun de Clibb ass net gutt gerechent. Wann e puer Clibb méi Sue kréien, kréien déi aner dofir manner. Dat misst anescht gemaach gi fir kee Club ze benodeelegen. Am Fondamental ginn d'Sejoure fir Entdeckunge staark erop wat gutt ass well d'Kanner solle kënnen sou Ausflich maachen. D'Weiderentwécklung vun der Kielen-App ass begréissenswäert an et soll onbedéngt een Ticketing gemaach ginn. Beim Logement soll de Café Lippert onbedéngt ugefaange ginn,

d'Prioritéit muss do drop gesat ginn. Bei der Circulatioun sinn d'Panneaue fir d'Signaliséieren, déi uweise mat wéi vill ee fiert, begréissenswäert a missten zumools an den drësseger Zonen agesat ginn. Zur Buvette ass et wënschenswäert datt déi vill benotzt gëtt an net oft eidel steet, och well eng professionell Kichen dran ass. D'Sportshal misst en neie Buedem kréien deen immens deier gëtt. Do muss gekuckt ginn ob net een Invest ze maachen ass. D'Schwemm ass néideg a wichteg; et ass och gutt datt dëst virgesinn ass. Beim Reamenagement vum Schoulcampus ass ze begréissen dat d'Gebai A a B restauréiert ginn, och mam Hibléck op d'Finanzen. Fir en externe Prestataire ze fanne fir de SEA ass nach ze kucken ob ee Spuerpotential do ass. D'Zesummenaarbecht vun der Maison relais, der Schoul an der Gemeng ass immens gutt.

D'Madame Nathalie Heintz (LSAP) consideréiert dat déi ekonomesch Situatioun keng einfach ass an doduerch och d'Gemeng extrem héich Zënse muss bezuelen. Sie recommandéiert dem Schäfferot mat der Bank ze kucke fir den Taux ze änneren an nei Conditiounen ze negociéieren. D'Gemeng soll a muss weider investéieren a Projeten, och fir de Bausecteur ze ënnerstëtzen an dëser Rezessioun. Sie rechent der Koalitioun héich un dat si un der Schwemm an un der Sportshal festgehalen hunn. D'Gemeng soll bei de Ministèren uklappe fir nei ze verhandele wann de Bau vun engem Projet méi deier gëtt wéi ufanks geplangt. Bei de Schoulen a Maison Relaise soll net gespuert ginn. D'Erhéijung vum Waasserpräis war néideg. Sie begréisst dat am Budget Berouegungsmesuren am Verkéier virgesinn si mä et solle manner Suen un d'Ingenieursbüroen fléissen. D'Projete sollen zesumme mam Service technique vun der Gemeng an der Verkéierskommissioun ausgeschafft ginn. Hei wier e grousse Spuerpotential. D'Kommunikatioun mam Ministère soll bestoe bleiwe fir e Contournement fir déi ganz Gemeng accordéiert ze kréien. D'Personal vun der Gemeng soll méi ambivalent agesat gi wann do nach Potential ass.

D'Madamm Natacha Koch (CSV) begréisst datt d'Infrastrukturen ausgebaut gi, wat och ee grousse Käschtepunkt ass, awer néideg ass och mam Hibléck op eng steigend Awunnerzuel. Lokal, national a Bio akafe kascht och ëmmer méi deier, z. B. bei Festivitéiten. Beim Ausbau vun den Infrastrukturen an Investissementer begréisst si d'Sportshal an d'Schwämm. D'Kanner hu méi Budget fir kënnen un Ausflich deel ze huelen datt ass och gutt, esou wéi d'Hausse vum Budget vun de Kommissiounen. D'Chargë vum Buet a vum Marketing si vill an d'Luucht gaangen an do wier och Spuerpotential. Firwat gëtt et dat net méi an eiser Gemeng datt den ënneschte Stack un e Commerce verlount gëtt? D'Buvette kann een no bausen ubidde wéi eng Brasserie, also méi fir d'Ëffentlechkeet opmaachen.

D'Madamm Claudine Meyer (LSAP) bemierkt dat d'Präiserhéijung vum Waasser net hätt sollen erausgezuginn an an Zukunft d'Gemeng soll, wa Fraisen ufalen, déi méi séier upassen. Sie fënnt et gutt dass d'Gemeng ëmmer méi an d'Sécherheet vun de Bierger investéiert a si ass frou datt vill Leit de Bau vun enger d'Schwämm ënnerstetzen. D'Schwämm ass wichteg an de Schäfferot huet sech un d'Gemeng Mamer gewant fir datt d'Kanner aus der Gemeng Kielen kënnen an d'Schwämm zu Mamer goen. D'Gemeng huet och gefrot fir bei der Stengeforter Schwämm Stonnen ze kréien. Beim Buet war déi al Versioun besser, et soll een awer och un déi Leit denken déi léiwer eng Pabeier Versioun hunn. Kann de Contenu net hei an der Gemeng vum Service Kommunikatioun selwer gemaach gi? Si ass frou datt d'Aarbechten am Café Lippert sollen ugoe well et dann en Treff am Duerf gëtt. An si ass och frou datt den technesche Service datt soll a Stand setzen.

D'Madame Cheryl Binck (CSV) bemierkt beim Budget 2024 datt de Käschtendeckungsprinzip beim Waasser garantéiert ass. D'Gemeng soll lokal a kommunal akafen an domat d'Baueren ënnerstëtzen.

### *6.1. Rektifizéierte Budget 2023*

De Gemengerot approuvéiert de rektifizéierte Budget 2023 vun der Gemeng Kielen esou wéi e presentéiert gouf follgendermoossen:

| | |
|---|---|
| Total des recettes ordinaires | 32.830.851,46€ |
| Total des dépenses ordinaires | 27.613.088,91€ |
| Boni propre à l'exercice | 5.217.762,55€ |
| Total des recettes extraordinaires | 28.668.804,48€ |
| Total des dépenses extraordinaires | 31.357.837,80€ |
| Mali propre à l'exercice | 2.689.033,32€ |
| Boni du compte de 2022 | 4.527.089,81€ |
| Boni présumé fin 2023 | 7.055.819,04€ |

### *6.2. Budget 2024*

De Gemengerot approuvéiert de Budget 2024 vun der Gemeng Kielen esou wéi e presentéiert gouf, follgendermoossen:

| | |
|---|---|
| Total des dépenses ordinaires | 34.424.555,54€ |
| Boni propre à l'exercice | 143.500,73€ |
| Total des recettes extraordinaires | 33.774.570,11€ |
| Total des dépenses extraordinaires | 40.798.262,65€ |
| Mali propre à l'exercice | 7.023.692,54€ |
| Boni du compte de 2023 | 7.055.819,04€ |
| Boni présumé fin 2024 | 175.627,23€ |
| Total des recettes ordinaires | 34.568.056,27€ |

## GESCHLOSSE SËTZUNG

### *7. Kommunalen Erzéiungs an Emfangdéngscht fir Kanner*

#### *7.1. Demissioun vun engem Gemengeemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.*

De Gemengerot approuvéiert Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales .

#### *7.2. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (Educateur diplômé)*

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot en Educateur diplômé fir de SEA mat enger Tâche vun 90% (36 Stonnen an der Woch) mam Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *7.3. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (Educateur diplômé)*

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot en Educateur diplômé fir de SEA mat enger Tâche vu 90% (36 Stonnen an der Woch) mam Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *7.4. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot decidéiert iwwert d'Klassement net ofzestëmme well am viregte Punkt kee Kandidat ernannt gouf.